D'Zukunftsvisioune vum Hugo Gernsback

1. *Wat fir Technologië ginn et haut, un déi fréier vläicht kee geduecht huet? Wat kënnt Dir Iech fir d'Zukunft virstellen? Iwwerleet a klenge Gruppen a sammelt e puer Iddien.*
   Deelt Är Iwwerleeungen an Iddie mat der Klass.

2. *Kuckt de Reportage iwwert den Hugo Gernsback, e gebiertege Lëtzebuerger mat ganz villen Zukunftsvisiounen.*

Quell: RTL, Den Hugo Gernsback huet d'Zukunft erfonnt.



© Screenshot vun RTL, 16.01.23,
https://play.rtl.lu/shows/lb/art-eck/episodes/r/3213097

3. Liest déi 12 Aussoen. Kuckt de Reportage nach eng Kéier a kontrolléiert, ob d'Aussoe stëmmen. Markéiert déi Aussoen, déi net richteg sinn. Vergläicht mat Ärem Noper / Ärer Nopesch.

1. Den Hugo Gernsback huet vun 1884 bis 1967 gelieft.
2. Hien huet kee Schoulofschloss.
3. Mat 20 Joer ass hien an Amerika emigréiert.
4. Hien hat do direkt groussen Erfolleg als Erfinder.
5. 1926 huet hien d'Zäitschréft *Amazing Stories* gegrënnt.
6. Hien huet en Zäitschréften-Imperium vun iwwer 50 Zäitschréften opgebaut.
7. Hien huet och selwer erfollegräich Erzielungen a Romaner am Science-Fiction-Genre geschriwwen.
8. Als Editeur hat den Hugo Gernsback méi Erfolleg wéi als Auteur oder als Erfinder.
9. Dem Hugo Gernsback no besteet eng gutt Science-Fiction-Geschicht zur Hallschent aus Literatur an zur Hallschent aus Wëssenschaft.
10. Hien huet ongeféier 80 Patenter ugemellt, mee hien hat just absurd Iddien, déi ni realiséiert goufen.
11. Hien huet mat sengen Zäitschréfte Science Fiction populär gemaach.
12. E Moundkrater an de wichtegste literaresche Science-Fiction-Präis, den Hugo Award, sinn no him benannt.

4. Schafft zu zwee a verbessert déi falsch Aussoen. Vergläicht duerno zesummen an der Klass.

5. Lauschtert de Reportage iwwert den Hugo Gernsback vum Martine Reuter a mat Interventioune vum Paul Lesch, deemolegen Direkter vum Centre national de l'audiovisuel (CNA).
Wat fir zousätzlech Informatioune kritt een an dësem Reportage?
Notéiert se wärend dem Lauschteren a Stéchwierder a vergläicht a completéiert se duerno mat Ärem Noper.

Quell: 100,7, Podcast SchréftstellerIn vum Mount, 03.08.2017

6. Sicht nach weider Informatiounen iwwert den Hugo Gernsback, seng Erfindungen a säin Afloss op d'Science-Fiction-Literatur a post se an de Padlet, deen Är Léierpersoun preparéiert huet.

Informatioun fir d'Léierpersoun:

Gitt op *www.padlet.com* a kreéiert e Padlet no dësem Modell:



Reportage: Den Hugo Gernsback huet d'Zukunft erfonnt

Teleportatioun (f)	
Science Fiction (f)	
Erfinder (m)	
erfannen	
Zukunftsvisioun (f)	
Patent (n)	
scheiteren	
grënnen	
eppes hikréien	
gëllen als	
projezéieren	
Helm (m)	
Oflenkung (f)	
Virreider (m)	
tatsächlech	
futuristesch	
realiséieren	
Tatsaach (f)	
Joerhonnertwenn (f)	

Reportage: Den Hugo Gernsback huet d'Zukunft erfonnt

Et hëlt een e Sandwich an d'Konzept vun der Teleportatioun – et verbënnt een déi zwou Saachen an dobäi eraus kënnt eng reng Science-Fiction-Iddi. Eng Iddi, déi den Erfinder, Editeur an Auteur Hugo Gernsback a senger Zukunftsvisioun gesinn huet.

Den Hugo Gernsback huet d'Zukunft erfonnt an huet fir se gelieft. Bis zu sengem Doud am Joer 1967 huet hie bis zu 80 Patenter erstallt.

1904, am Alter vun 20 Joer, a mat 100.000 Dollar an der Täsch, ass den Hugo Gernsback mam Schëff eriwwer an Amerika gefuer, fir do säin neit Liewen als Erfinder unzefänken. Ma gebuer ass hien 1884 zu Bouneweg.

Seng Schoul huet hien ni fäerdeg gemaach, an och als Erfinder ass hien ëmmer erëm gescheitert. Säin éischten Job zu New York huet hie schonn no e puer Stonnen erëm verluer. Seng Carrière war am Ufank en zimmlechen Desaster.

1926 huet den Hugo Gernsback d'Zäitschrëft *Amazing Stories* gegrënnt a méi spéit huet hien et hikritt, e ganzen Editeur-Imperium opzebauen – mat iwwer 50 verschiddenen Zäitschrëften. An haut gëllt hien als de Papp vun der Science Fiction.

Ma do virdrun huet hien och selwer schonn Erzielungen a Romaner am Genre vun der Science Fiction geschriwwen. Am Seriëroman *Ralph one to foresee for one plus (124 C 41+)* huet den Hugo Gernsback de Lieser an d'Joer 2660 projezéiert.

D'Kriticke waren awer deemools immens schlecht. Et hat also scho säi Grond, firwat den Hugo Gernsback méi Succès als Editeur wéi als Auteur hat.

D'Rezept, laut dem Hugo Gernsback, fir eng gutt Science-Fiction-Geschicht besteet zu 75 % aus Literatur a 25 % aus Wëssenschaft.

Dëst ass iwwregens den Isolator – en Helm, dee Geräischer an aner Oflenkungen eliminéiert, fir datt een a Rou schaffe kann. Eng Erfindung, déi ni produzéiert ginn ass, ma vill vu sengen Erfindunge waren awer Virreider a sinn tatsächlech Realitéit ginn. Seng futuristesch Iddi „teleeyeglasses" kennt een haut och als VR-Brëll.

Absurd Iddien, wéi mat sengen Zänn lauschteren, en Orchester fir ze richen oder en Teletheater, sinn awer ni realiséiert ginn.

Tatsaach ass awer, datt hie mat sengen Zäitschrëften d'Science Fiction populär gemaach huet. E Moundkrater an de wichtegste literaresche Science-Fiction-Präis, den Hugo Award, sinn no him benannt.

Den Hugo Gernsback huet iwwregens ëm d'Joerhonnertwenn en autobiografesche Roman op Däitsch geschriwwen, deen awer och ni publizéiert ginn ass. Den Titel war: „Der Pechvogel".

Quell: Screenshot vun RTL, 16.01.23,
https://play.rtl.lu/shows/lb/art-eck/episodes/r/3213097

3. Liest déi 12 Aussoen. Kuckt de Reportage nach eng Kéier a kontrolléiert, ob d'Aussoe stëmmen. Markéiert déi Aussoen, déi net richteg sinn. Vergläicht mat Ärem Noper / Ärer Nopesch.

D'Aussoe 4, 7, 9 an 10 si falsch.

4. Schafft zu zwee a verbessert déi falsch Aussoen. Vergläicht duerno zesummen an der Klass.

4. Hien hat virun allem am Ufank guer keen Erfolleg als Erfinder. Hien ass ëmmer erëm gescheitert a seng Carrière war en zimmlechen Desaster.
7. Hien hat méi Erfolleg als Editeur wéi als Auteur. Seng Bicher krute keng gutt Kriticken.
9. Dem Hugo Gernsback no besteet eng gutt Science-Fiction-Geschicht zu 75 % aus Literatur an zu 25 % aus Wëssenschaft.
10. Hien huet effektiv ongeféier 80 Patenter ugemellt. Vu sengen Iddie si verschiddener ni realiséiert ginn, mee anerer ware Virreider a sinn tatsächlech Realitéit ginn.

5. Lauschtert de Reportage iwwert den Hugo Gernsback vum Martine Reuter a mat Interventioune vum Paul Lesch, deemolegen Direkter vum Centre national de l'audiovisuel (CNA). Wat fir zousätzlech Informatioune kritt een an dësem Reportage? Notéiert se wärend dem Lauschteren a Stéchwierder a vergläicht a completéiert se duerno mat Ärem Noper.

Zum Beispill:

- Um Kierchbierg ass eng Strooss nom Hugo Gernsback benannt.
- Et gouf 2010/11 eng Expo am CNL iwwert hien.
- Seng Famill war gutt situéiert, hien hat keng finanziell Suergen.
- Am Ufank huet den Hugo Gernsback sech op Radiostechnik konzentréiert.
- 1908 huet hien den éischte Magasinn mam Sujet Elektronik a Radio, Modern Electrics, gegrënnt.
- Duerno huet hien nach en anere Magasinn gegrënnt, an deem hien och säin eegene Roman publizéiert huet.
- 1926 huet hien déi éischt Zäitschréft mat just Science-Fiction-Geschichten erausbruecht.
- Wat Science Fiction ugeet, huet hien de Fokus op aner Elementer geluecht wéi aner Auteuren. Fir den Hugo Gernsback soll d'Wëssenschaft op d'mannst esou eng wichteg Roll (wann net méi eng grouss) spille wéi d'Literatur.
- Dem Hugo Gernsback senger Meenung no ass d'Science Fiction do, fir de Wëssenschaftler Iddien ze ginn, wat se sollen a kënnen erfannen zum Gudde vun der Mënschheet.
- Hie gëllt als de mentale Papp vum Radar. Hien huet an engem Fiktiounstext d'Prinzippie vum Radar presentéiert.
- Hien huet de Mikrofilm, d'Radaren, d'Handyen, de Fax an och d'Moundlandung virausgesinn.